

Ech wëll bei där Geleeënheet, Här Minister - dat betrëfft awer da vläicht éier Äre Kolleeg, dee fir d'Waasser an deen anere fir d'Ëmwelt zoustänneg ass -, soen, datt mir ganz fir preventiv Iwwerschwemmungsmoossname sinn, déi awer manner an de Waasserleef musse gemaach ginn, well do drainéiere mer de Problem ëmmer nëmme vun enger Plaz op déi aner weider, mä datt mer musse wierklech do, wou déi grouss Surface sinn, probéiere mat klengen, einfachen, natierleche Rückhaltebecken den Ofloss vum Reewaasser, wa mer es dann eng Kéier ganz vill beienee kréien, ze verzögeren.

Mir hunn ewell x-mol an deem Sënn intervenéiert. Wahrscheinlech wäert dat och eréischt dann erëm en Thema sinn, wa mer déi nächst Iwwerschwemmungskatastroph hei am Land hunn. Dat wär ze bedauern.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun eisem Grupp zu dësem Projet de loi bréngen.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Mehlen Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert. De Bauteminister Claude Wiseler.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics**.- Merci, Här President. Ech soen och all deene Fraktiounen, déi hei geschwat hunn, Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Projet.

Ech wëll net op déi Froe respektiv déi Remarquen agoen, déi den Här Mehlen elo nach gemaach huet, well déi ganz technesch Diskussioun, déi Der ugeschwat hutt, eng Diskussioun war, déi mer jo och an der Chamberskommissioun haten. Wou d'Experte soen - déi déi Method hei gekuckt hunn, respektiv och déi, déi déi aner Methoden, déi nach méiglech waren, dee mechaneschen Dévasage, wéi een dat dann nennt, gekuckt hunn - op Basis vun deene Rapporten, datt dat hei eng Moosssnam wär, déi effikass ass, déi ka fonctionnéieren, déi och finanziell avantagéis ass an déi aus deem Grond gewielt ginn ass.

Ech denken, ech hoffen, datt Dir dann net Recht hutt mat deene Bedenken, datt mer mat deene Methoden, déi mer hei proposéiert hunn, och derduerch kommen. Op jidde Fall ass et kloer, datt déi Ëmbauten, déi hei proposéiert sinn, wichteg sinn, datt och déi Turbin, déi derbäikënnt, eng positiv Saach am grouesse Ganze wäert sinn. An ech soen, wéi gesot, nach eng Kéier alle Fraktiounen Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Projet hei.

» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Minister Wiseler Merci. Domadder si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert dee Projet de loi. Mir kommen elo zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5940 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Ali Kaes), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Norbert Hauptert), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Alex Bodry) et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Charles Goerens, Paul Helmingier (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo zu deenen zwou Motiounen. Ech géif proposéieren, datt mer géifen ufänke mat der Motioun vum honorabelen Här Claude Meisch iwwert d'Transformatioun vun der ADEM. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

5. Motion de M. Claude Meisch relative à la transformation de l'ADEM en établissement public et à l'élaboration d'un projet de loi renforçant le rôle de l'ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d'emploi et définissant les droits des chômeurs en fonction de leurs efforts propres déployés en matière de recherche d'emploi

» **M. Claude Meisch (DP), auteur**.- Merci, Här President. Den 18. November 2008 hat ech bei enger Debatt iwwert d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg déi Motioun do déposéiert. Mir sinn elo den 23. Abrëll, ee Joer drop, en halleft Joer drop. Mir sti sechs Woche viru Chamberwahlen.

An där Motioun hei invitéieren ech effektiv d'Regierung fir a Richtung ze goe vun der Schafung vun engem Établissement public, fir d'Administration de l'emploi ëmzewandelen an en Établissement public. Mir wëssen awer och, datt mëttlerweil den Aarbechtsminister de Gesetzesprojet vun enger Reform vun der ADEM virgeluecht huet. Esou datt ech net gesinn, datt mer elo à ce stade nach sollen iwwert dës Motioun hei ofstëmmen.

All Partei wäert sech an hirem Wahlprogramm an deenen nächste sechs Wochen dozou expriméieren, an da muss de Wieler och kucken, wien en d'Vertraue gëtt, fir dann endlech zu där Reform vun der ADEM ze kommen, déi mer eigentlech scho vill méi laang hätte kënnen op d'Schinn setzen, mä wou mer leider gewaart hu bis wierklech de leschte Wupp an dëser Legislaturperiod, bis dann emol en Embryo vun engem Entworf vu Reform hei konnt déposéiert ginn.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Domadder wär dës Motioun dann ewech vum Ordre du jour. Mir kéimen zu der nächster Motioun. Dat ass eng vum honorabelen Här Jean Huss iwwert de Welttag géint d'Homophobie. Här Huss, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

6. Motion de M. Jean Huss relative à la participation à la Journée internationale contre l'homophobie avec campagnes d'information et de sensibilisation

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG), auteur**.- Merci, Här President. Et geet bei dëser Motioun ëm den allgemenge Schutz vun de Mënscherechter, an dësem prezise Fall géint d'Diskriminéierung a géint d'ënnerdréckung vu Persounen mat anere sexuellen Orientéierungen, ob dat elo Homosexueller sinn, Lesben oder Transsexueller. Dat ass deen een Objet.

Den zweeten Objet ass da wou d'Regierung invitéiert gëtt, fir eng offiziell Unerkennung ze maachen, wat Lëtzebuerg ubelaangt, vun där Journée internationale contre l'homophobie.

Et muss ee wëssen, datt a praktesch sämtleche Mënscherechterklärunger et kloer gesot gëtt, datt et keng Diskriminatioun vun dëser Grupp vu Leit dierft ginn. Dat ass esou beispillsweis an der Charte européenne des droits fondamentaux am Artikel 21. Dat ass och esou am Artikel 11 vun der Mënscherechtskonvention vum Conseil de l'Europe. Dat ass schliesslech esou an enger Deklaratioun vum Dezember 2008 an der UNO, wou 55 Staten, dorënner och Lëtzebuerg, déi Deklaratioun signéiert hu géint déi Diskriminatioun vu Leit mat enger anerer sexueller Orientéierung.

Derniewent gëtt et och nach, wat d'Europaparlament, eng aner Institutioun ubelaangt, eng Resolutioun vum Europaparlament vum 26. Abrëll 2007, déi sech ganz drastesch nennt géint jiddwer Diskriminatioun. Déi hate sech méi spezifesch géint d'Diskriminatiounen a Polen gewannt, wou d'Europaparlament mat grousser Majoritéit décidéiert huet, déi Journée internationale contre l'homophobie ze ënnerstëtzen.

Dat sinn alles also offiziell Texter, déi meeschtens och vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn. D'Realitéte sinn allerdéngs, souwuel hei bei eis an Europa wéi haaptsächlech an Osteuropa an op Weltplang, nach heiansdo vill méi schlëmm, ganz anerer. Et ass nämlech esou, datt d'Homophobie nach ëmmer leider relativ wäit verbreet ass an am Fong souguer an engem Land wéi Holland, engem Benelux-Stat, ass et ëmmer erëm an deene leschten een, zwee Joer zu Virfall komm géint Leit, déi homosexuell waren.

Ech selwer hat d'Geleeënheet, am Conseil de l'Europe géint Virfall ze protestéieren, wou beispillsweis a Russland, a Litauen an a Polen friddlech Manifestatiounen, déi sougenannten „gay prides“, verbuede gi sinn oder wou Kläpperorganisatiounen komm sinn, déi dann op friddlech Demonstranten dropgeklappt hunn, ouni datt d'Police intervenéiert ass.

Et gëtt nach méi schlëmm Situatiounen, wou Leit mat enger anerer sexueller Orientéierung ënnerdréckt ginn. An engem Land wéi dem Iran, beispillsweis, kënnen déi Leit nach an de Prisong kommen oder d'Doudesstrof kréien. Och an engem sougenannte fortschrëttleche Land beispillsweis wéi Kuba, wat jo sougenannt „fortschrëttlech“ genannt gëtt, och do hunn Homosexueller am Moment nach ëmmer net vill ze laachen.

Et gëtt also vill Situatiounen, wou déi Leit mat enger anerer sexueller Orientéierung, trotz all deene schéinen Texter, déi mer hunn, all deene Mënscherechtsdeklaratiounen, nach ëmmer diskriminéiert ginn.

Aus deem Grond ass et wichteg, an och aus deem Grond huet sech erginn, datt de 17. Mee an deene leschten dräi, véier, fënnef Joer sech entwéckelt huet zu engem internationalen Dag géint d'Homophobie, dee wéi gesot virdru schonn an enger Resolutioun vum Europaparlament ënnerstëtzt ginn ass, deen och beispillsweis ënnerstëtzt ginn ass vu Länner wéi Kanada, dem Québec, vu Länner wéi der Belsch, Frankräich, England a Portugal.

Wat hei an dëser Resolutioun gefuerdert gëtt, dat ass einfach och, datt Lëtzebuerg soll géint déi Diskriminéierung virgoen, andeem et deen internationalen Dag géint d'Homophobie géif unerkennen. Dat ass eng ënnerdréckte Minderheet an eiser Gesellschaft. A mir mengen, datt et einfach wichteg ass, datt een, och wann déi Unerkennung nëmmen e symboleschen Akt ass, datt et awer wichteg ass, datt d'Regierung vun engem Land dee symboleschen Akt géif maachen an déi Unerkennung vun deem internationalen Dag do géif ënnerstëtzen. Dat ass dat, wat den Inhalt vun dëser Motioun ass.

Merci.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen dem Auteur vun dëser Motioun Merci. Wie wëllt elo zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Angel, gesinn ech.

Discussion générale

» **M. Marc Angel (LSAP)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Motioun begreisse mir als LSAP, well se ënner anerem an de Considéranten eben drun erënnert, dass et Homophobie mat der Konsequenz verbal, kierperlech Gewalt an Aggressiounen nach ëmmer gëtt, manner zu Lëtzebuerg, wéi den Här Huss eis dat erkläert huet, mä nach a villen EU-Länner. Dës Motioun ass fir eis och e wichtige Rappel, dass de Respekt vun der sexueller Orientéierung vum Stat garantéiert a geschützt muss ginn.

De Kolleeg Muck Huss huet eis, wéi gesot, exzellent de Sënn an Zweck heivun erkläert. Ech ka mech senge Wieder nëmmen uschlëssen.

D'Offhale vun esou enger Journée internationale contre l'homophobie dierf allerdéngs net nëmmen op enger Philosophie de victimisation opbauen. Ech mengen, si soll och d'Fortschrëtter vun der Akzeptanz an der Toleranz, déi vill homosexuell Fraen a Männer all Dag erliewen, och déi sollen ervirgestrach ginn.

Wat elo d'Ëmsetze vun där Motioun ugeet, wollt ech eng Remarque maachen. Ech mengen, ech huelen un, esou wéi ech d'Lët-

zebuerger kennen, eist Land kennen an och déi Chamber hei kennen, dass déi Motioun hei unanime ugehall gëtt, esou dass mer net müssen an der Chancëgläichheetskommissioun driwwer diskutéieren. Ech géif mengen, mir kënnen eng Kéier doriwwer schwätzen, dass dat hei eng Saach wär fir de Centre pour l'égalité de traitement, dee sech mat esou Froe soll ofginn.

Ech sinn och der Meenung, dëst Joer, mir sinn elo kuerz virum 17. Mee, dass et vläicht ze spéit ass fir dëst Joer, dass dat soll gutt preparéiert ginn an dann d'nächst Joer déi éischte Kéier gemaach soll ginn.

Ech wollt just drun erënneren, firwat et den Datum vum 17. Mee ass: Well de 17. Mee ass 1990, dat sinn eréischt 19 Joer hier, do huet d'Generalversammlung vun der Weltgesundheitsorganisatioun dee längst iwwerfälligen Exercice gemaach, andeem se d'Homosexualitéit vun der Lëscht vun de psychesche Krankheete gestrach huet. An doropshin ass dee 17. Mee zum Dag géint d'Homophobie ausgeruff ginn.

Also, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an, wéi gesot, meng Fraktioun wäert déi Motioun hei matstëmmen.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Den Här Bettel huet d'Wuert.

» **M. Xavier Bettel (DP)**.- Här President, ech wëll Iech och just soen, dass eis Fraktioun wäert dës Motioun stëmmen. Mir si frou, dass iwwert dës Sujet och diskutéiert gëtt, well wat a verschiddene Länner schéngt natierlech an normal ze sinn, ass an anere Länner net de Fall. An net wäit vun hei ewech ginn awer nach Homophobiesaken duerchgezunn. Ech wëll Iech just soen, dass mer och frou sinn an hei feststellen, dass d'Homosexuellefrëndlechkeet méi grouss ass kuerz virun de Wahle wéi no de Wahlen.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président**.- Wëllt soss nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Kann ech dervun ausgoen, datt déi Motioun à main levée ka gestëmmt ginn?

(Assentiment)

Da géif ech se à main levée zum Vote stellen.

Vote

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Domadder wär déi Motioun à l'unanimité ugehall, well ech hu keng Géigestëmm gesinn.

Domadder wär dës Punkt ofgeschloss an als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer de Projet de loi 5952 iwwert d'Kasär um Härebiereg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Etgen a Schneider, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. An elo huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

7. 5952 - Projet de loi relatif à la réhabilitation des infrastructures techniques primaires de la Caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Ali Kaes (CSV), rapporteur**.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech Iech haut presentéieren, ma deen huet och eppes mam Härebiereg ze dinn, mä net mam Mumps um Härebiereg, mä ass u sech en éischte Schratt fir d'Kasären ze renovéieren an ze moderniséieren.

D'Kasären, déi an engem ganz schlechten Zoustand sinn an déi a kenger Form méi eng Infrastruktur duerstellen, an där eis Arméi, déi mer jo duerch d'Reform vum 21. Dezember 2007 nei orientéiert hunn, sech

op hir vill an ëmmer méi komplizéiert Aufgaben heiheem, mä virun allem och dobaussen an der Welt, an dat besonnesch am Beräich vun deene ville Friddensmissiounen ka virbereeden.

Wa mer wëllen eis Jugend fir d'Armée be-geeschteren, dann ass eng éischt Viraussetzung, datt mer hinnen Infrastrukturen ubidden, déi aluedend sinn an déi den heitege Standarden a virun allem Sécherheets-norme gerecht ginn.

Här Bauteminister, Dir hutt de Projet de loi, deen haut zur Ofstëmmung kënnt, de 6. November hei an der Chamber déposéiert. Iwwregens hutt Der de 4. März 2009 e weidere Projet déposéiert, deen de Bau vun engem Hall logistique um Härebierg virgesäit. Dëse Projet ass ebenfalls bluttnoutwendeg, wa mer deen héich technologesche Fuhrpark, dee mer ebenfalls 2007 an der Héicht vun zirka 150 Milliounen Euro gestëmmt hunn, net wéinst an den Dreck setzen.

Zwee Projeten an esou kuerzer Zäit bewiesen, datt Dir, Här Wiseler, Neel mat Käpp wëllt maachen - eppes, wat ech nëmme voll a ganz kann ënnerstëtzen a begrëssen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt och um Härebierg eng Rei vu Salutschëss ofgefeiert ginn, wann et endlech...

(Brouhaha général)

...mat den Aarbechte lassgeet.

(Interruptions)

» Une voix.- Schéisst awer net op Spatzen!

(Hilarité)

» M. Ali Kaes (CSV), rapporteur.- De 17. Februar 2009 huet de Statsrot säin Avis zum virleiede Projet 5952 ofginn. D'Aarbechte vun der Bautekommissioun sinn do folgendermoossen ofgelaf: De 24. November 2008 sinn ech zum Rapporteur genannt ginn. Den 9. März hu mer zesumme mat der aussepolitischer Commissioun an enger Réunion jointe de Projet an den Avis zum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. Mir hunn eis heibäi och am Detail mat de Kritike zum Statsrot auserneegesat. De 26. März huet d'Kommissioun dunn de Rapport ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jiddwereen heibannen, dee virun e puer Woche mat op den Härebierg kucke war, konnt sech iwwerzeegen vum der Noutwendegkeet, datt d'Kasären dréngend musse renovéiert a moderniséiert ginn. Dëse Projet ass just en Deel vum ganze Sanéierungsprogramm vun der Kasär Grand-Duc Jean. Déi ganz Aarbechte ginn u sech a fënnef Etappe realiséiert an hunn eng grouss finanziell Envergere. Déi éischt Phas, déi elo duerch de Projet, deen ech lech haut virstellen, agelaut gëtt, gesäit haaptsächlech d'Moderniséierung vun de primären technesch-Infrastrukture vir.

Här President, erlaabt mer, datt ech elo e bësse virgräifen an lech séier déi aner véier Etappe vun Aarbechten opzielen, déi an Zukunft wäerten op eis zoukommen.

Éischstens, d'Moderniséierung vum Schéissstand am Bleesdall. Datt ass eng ganz grouss Infrastruktur, déi awer wierklech an engem desolaten Zoustand ass an déi einfach... Wann nach sollen do Übungen duerchgefouert ginn a Schéissübungen duerchgefouert ginn, ech mengen, dann ass et absolut noutwendeg, datt esou séier wéi méiglech dës Anlag à jour gesat gëtt.

Dann, den zweeten Deel ass, wéi gesot, den Hall logistique mat der Reparatur-wierkstatt, deen, wéi gesot, als Projet de loi schonn déposéiert ass. Dann ass et d'Moderniséierung vun de bestehende Gebaier, vun de Kasären, an de Bau vun enger Sportshal, an zu gudder Lescht de Bau vun engem neie Munitionsdépôt um Plateau Botterweck. Hei sollen NATO-konform Iglue fir d'Munitioun opgericht ginn.

Et ass net normal, datt eis Armée zënter enger Rei vu Joren op e Munitionsdépôt an der Belsch muss zrëckgräifen, fir dee gréissten Deel vun hirer Munitioun ze lagere.

Dir gesitt, hei komme ganz grouss Investitiounen op eis zou. Et gëtt awer u sech eng ganz einfach Erklärung heifir. D'Militärkasäre Grand-Duc Jean sinn an de 50er

Jore gebaut ginn, an un den allermeeschte vun den Infrastrukture vun de Gebaier ass bis haut net méi geschafft respektiv moderniséiert oder renovéiert ginn. Et wonnert also keen, datt d'Kasären an deem Zoustand sinn, an deem se sinn an net méi dem aktuellen technesch-Usproch a puncto Funktionalitéit, Sécherheet an Energieperformance entsprechen.

Den État-major vun der Armée huet duerfir an de leschte Joren ëmmer erëm ugefrot, datt d'Kasäre solle renovéiert ginn. Am Joer 2002 ass dunn e Bureau d'études beoptraagt ginn, en Audit ze maachen iwwert déi zukünftige Besoinen an Infrastrukture vun der Lëtzebuerger Armée. Am Juli 2003 war dës Etüd fäerdeg an huet dräi méiglech Zeenarien opgewisen. Am Juni 2004 ass d'Décisioun op de virleiden Zeenario gefall.

Dëse Choix ass aus folgende Grënn getraff ginn:

Éischstens, nei Infrastrukture kënnen op Stats- respektiv Gemengenterrainen implantiert ginn; zweetens, eng optimal Upassung un déi funktionell Besoinë vun der Armée ka realiséiert ginn; drëttens, dräi verschidde Sécuritétsniveaue ginn agefouert; véiertens, zwou Stroosse Richtung Kasären, dovunner een exklusive Militärwee, gi gebaut; fënneftens, d'Méiglechkeet, direkt an déi zukünftige Sportshal ze kommen, ouni duerch de sécuriséierten Deel vun de Kasäre mussen ze fueren; a sechstens, d'Méiglechkeet vun engem weideren Ausbau vun de Kasären ass och ginn.

Et war schlussendlech awer eréischt Mët 2006, nodeems et grave technesch Problemer gouf, wou ee sech definitiv op de Programm a fënnef Etappen, wéi ech et virdru virgedroen hunn, festgeluecht huet.

Déi éischt Phas, iwwert déi mer dann elo haut wäerten ofstëmmen, ass wesentlech fir d'Projeten, déi dann ungeschlënd wäerten un d'Rei kommen. Et muss ee soen, datt, wéi d'Etüd ugelaft ass, d'Moderniséierung vun dräi Wunnpavillonë mat de Raccordementen un d'Distributionsréseauen an Ugrëff geholl gi sinn, fir op méi engem klengen Plang ze kucken, wéi dat Ganz dann am groussen Stil kéint klappen.

D'Fro war, ob et besser a méi präiswäert wier ze restauréieren oder carrément ze ersetzen. Dës Aarbechte si verkomplizéiert ginn duerch de Fait, datt déi bestehend technesch Réseauen an de Kasären ee Circuit sinn, dee vu Gebai zu Gebai geet, an eng Rei vu Bypass-Installatiounen hu misse realiséiert ginn. Zwee Pavillonë si bal fäerdeg gestallt. Bäi deem drëtze bleift awer nach ganz vill ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech net mat ze vill technesch Detailer langweilen a verweisen lech duerfir op de Projet de loi respektiv mäi schrëftleche Rapport.

Erlaabt mer awer e puer wichteg Punkte vun der Aarbecht opzezielen. De Projet vun der Regierung, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ëmfaasst dräi grouss Deeler.

Éischten Deel, d'Installatiounen an de Réseau de distribution interne an de Kasären. Heibäi geet et haaptsächlech ëm folgend Aarbechten: d'Ersetze vun der bestehender Kanalisatioun, déi an engem ganz schlechten Zoustand ass; d'Opfänke vu Reewaasser, fir d'Toiletten ze spullen an d'Auto-wäschanlagen ze speisen, an domadder ëmweltbewusst ze handelen an Drénkwaasser ze spueren; dann d'Ersetze vun enger vun deenen dräi ale Mazoutschaudiëren duerch eng modern, déi souwuel mat Gas wéi och mat Mazout fonctionnéiert - dës asuréiert dann d'Energieversuergung bis eng modern Cogénérationsanlag a Betrib ass, déi an der Logistikhall integréiert gëtt -; d'Dezentraliséierung vun der Waarmwaasserproduktioun ass och e ganz wichtegt Element, hei geet et virun allem och dorën, fir an Zukunft Légionellose ze évitieren; d'Ersetze vum bestehende Stroumréseau an den Aménagement vun enger zousätzlecher Linn mat Mëtelspannung.

Deen zweeten Deel sinn d'Versuergungsinfrastrukture vun an zu den öffentliche Réseauen hin. Folgend Aarbechte mussen an deem Fall realiséiert ginn: Erneuerung vun der Waasserévacuatioun; déi néideg Installatiounen fir de Raccordement um Site Härebierg un den Äerdgasréseau, dee vun Dikrech fortgeet an am Laf normalerweis vun dësem Joer soll realiséiert ginn; dann d'Verleeë vun neie Leitunge fir d'Drénkwaasser-versuergung.

An den drëtten Deel, den Zoufahrtsweg zum zukünftige Chantier vun der Logistikhall. De Bau vun dëser Streck, déi ronn ee Kilometer laang gëtt, ass néideg, fir datt net während dem Chantier ze vill Trafic duerch de sécuriséierte Beräich vun de Kasäre féiert. Dësen Tronçon gëtt dann och en éischten Deel vun

engem neien Zoufahrtsweg op den Härebierg, an dat vum Rond-point Fridhaff aus, dat heescht en direkten Uschloss un d'N7.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, komme mer elo zu deem Deel, deen e bësse méi wéideet: dem finanziellen Deel an dem finanziellen Impakt vun dësem Projet. De Projet kascht maximal 18.700.000 Euro, den Ënnerhalt vun dësen Infrastrukture wäert ronn 300.000 Euro pro Joer kaschten.

Dir gesitt, dës Aarbechten, déi eng éischt Etapp vun engem ganzen Ensemble vu Projeten duerstellen, sinn absolut néideg, fir datt eis Armée endlech erëm modern Infrastrukture kritt, déi den heitegen Uspréch ugepasst sinn.

An deem Sënn bidden ech lech, dëse Projet de loi ze stëmmen, a ginn heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

» M. le Président.- Ech soen dem honorabelen Här Rapporteur Merci fir säi Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Fernand Etgen (DP).- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, Félicitatiounen an en opriichtege Merci un de Kolleeg Rapporteur, den Ali Kaes, fir säin exzellente schrëftleche Rapport a säin engagéierte mëndleche Virtrag.

D'Kasäre vun der Lëtzebuerger Armée um Härebierg, déi an de 50er Jore gebaut goufen, goufen zanterhier staark vernoléisseg a kaum erneiert. Dat ass awer bal net verständlech, wann ee weess, a wéi engem Mooss d'Bautechnik evoluéiert huet; wann ee weess, wéi d'Energiestandarden evoluéiert hunn; wann ee weess, wéi staark d'Gebailechkeeten déi Leit, déi dra schafen, léieren a liewen, kënnen prägen; wann ee weess, datt an der Zäitspann vun 1950 bis haut d'Aufgabe vun eiser Armée fundamental geännert a bäi Wäitem méi ëmfaangräich gi si wéi nach viru 50 Joer.

Kuerz: Déi bestehend Gebailechkeeten erlaben et eiser Armée net, an engem Ëmfeld ze funktionéieren, dat deenen heitegen Uspréch gerecht gëtt. Sait den 90er Jore sinn d'Problemer um Härebierg wierklech akut, an awer huet et bis 2002 gedauert, ier ënnert dem Impuls vun deemolegen Arméeminister Charles Goerens en Audit iwwert d'Besoinen un adequaten Infrastrukture fir d'Lëtzebuerger Armée gemaach ginn ass.

D'Ofschlossdokument vun dësem Audit datéiert op Juli 2003. 2004 ass dunn de Bauprogramm ficeléiert ginn, an awer huet et bis 2006 gedauert, bis datt dësen Dossier konsequent an Ugrëff geholl ginn ass. Dëst, nodeems datt seriö Pannen un den technesch Installatiounen zur Regel gi sinn, ëmmer méi Pannen um Kanalnetz opgetaucht sinn, ee mat dagdeegleche Pannen un der Heizung ze kämpfen hat oder awer déi elektresch Installatiounen an engem katastrophen Zoustand waren.

Et muss ee sech wierklech froen, wéi et méiglech ass, datt et esou wäit huet misse kommen, ier seriö mat de Planungsarbechten ugefaange gouf. Dat war, wéi scho gesot, 2006, an nach huet et méi wéi zwee Joer gedauert, bis datt d'Chamber mat engem éischten Deelprojet befaasst ginn ass.

Här President, et ass richtig, datt grouss Projekte virum Ufank vun den Aarbechten um Chantier selwer eng detailléiert Aarbechtsplanung viraussetzen. Wat d'Projete méi grouss sinn, wat spéiderhin och Feelplannungen méi grouss kënnen ausfale respektiv méi an d'Geld kënnen schloen. Well et sech awer hei ëm öffentliche Gelder handelt, ass et net nëmme sënnavoll, mä eng Selbstverständlechkeet, datt een esou gutt wéi méiglech plangt, fir Dépassementer ze vermeiden.

Bei all nei Projet gëtt et Saachen, déi falsch kënnen gemaach ginn. Mat enger gudder an detailléierter Planung kann een eng Rei Facteuren am Viraus erkennen a vermeiden. Dat gëllt a besonneschem Mooss, wann d'Fro sech stellt, ob et ekonomesch, ökologesch a funktionell net méi sënnavoll wär, déi bestehend Pavillonen ze sanéieren oder awer ofzerappen an nei opzebauen.

Bei staatlechen Infrastrukturprojete gëllt et awer, net nëmme op d'Qualitéit an d'Käschten opzepassen: Bei öffentliche Projekte mussen och verstärkt Kritäre vun Nohaltegkeet, Ëmweltverträglechkeet an Energieeffizienz a Considératioun gezu ginn.

De Prinzip vun der Nohaltegkeet grad wéi de Prinzip vun der Energieeffizienz musse bei öffentlichen Ausschreibungen zu enger absoluter Prioritéit ginn. An der Vergaangenheet ass et allze oft ënnerlooss ginn, fir

staatlech Gebaier an enger regelméissegem Kontroll op eventuell Mängel an dëser Hiicht ze ënnersichen an esou gréisser Sanéierungsarbechten ze vermeiden.

D'Kasären um Härebierg falen, an ech mengen, datt dëst spëtstens vu jiddweregem, dee bei der rezenter Visite derbäi war, genausou gesi gëtt, zu honnert Prozent an dëst Schema.

Här President, bei deem heitege Projet hu mer no laanger Planungszäit awer nach keng definitiv Äntwert op d'Fro vun der Energieproduktioun. Och wësse mer nach net definitiv, ob déi bestehend Pavillonë sollen erneiert a moderniséiert ginn oder awer ob se ofgerass an nei opgericht solle ginn.

Ech menge jiddefalls, datt et awer dee richtige Wee war, a wéi de Minister ausdrécklech dofir félicitéieren, fir mat zwee Pavillonen unzefänken an Experienzen ze sammeln, fir herno en toute connaissance de cause déi richtige Décisioun ze treffen. Dat ëmsou méi, well ee mam neie Polizeigebai, wat jo gutt gelongen ass, eng exzellente Vergläichsméiglechkeet huet.

Ech kann duerfir och domadder liewen, datt d'Chamber a Puzzlestécker mat deene verschiddene Phase vum Gesamtinvestitiounsprogramm befaasst gëtt.

Et ass awer den ausdréckleche Wunsch vun der DP-Fraktioun, datt déi nächst Phas vun der Modernisatioun um Härebierg an engem accélérierte Rhythmus an déi konkret Realisatiounsphas kënnt an datt et net bei bloussen Ukënnegunge bleift.

Eis Zaldoten, déi dacks genuch ënner schwierige Bedéngunge bei Auslandsmissionen hire Mann stinn, hunn et verdéngt, datt si och doheem ënner akzeptabelen a moderne Konditiounen ënnerbruecht sinn.

Här President, d'Missioun vun eiser Armée hunn net zulescht mat der Reform vun 2007 eng nei Dimensioun kritt.

(Interruption)

Fir hiren Aufgaben adequat kënnen nozekommen, brauch d'Armée och déi entsprechend Infrastrukturen. Déi beschten Arméireform dréit kaum Friichten, wann d'Infrastrukturen net esou sinn, datt d'Armée deenen neien Erausforderunge ka gerecht ginn. Ganz besonnesch d'Rekonverssioun vum fräiwëllegen Zaldot an d'Virbereedung an d'Zäit no der Armée verlaangen eng adequat Formatiounsstruktur, eng Struktur, an där d'Kommunikatioun u Qualitéit gewënnt, eng Struktur, wou een eng Atmosphär vu konstruktivem Schaffen a kreativem Zesummensinn virfënnt.

Wann d'Armée hirer éducativer Missioun gerecht soll ginn, wann déi sozial Funktioun vun der Armée soll voll zum Droe kommen, wann deen Eenzelne sech net als Nummer soll virkommen, mussen d'Infrastrukturen deene Besoinen entsprechen.

Wéi sollen nei Unterrechts- a Formatiounsmethoden gräifen, wann deen dofir erfuerderte Raum feelt? Mir mussen eis duerfir d'Moderniséierung vun eisem militäreschen Zentrum eppes kaschte loosse. Net zulescht, well d'Formatioun vun engem Deel vun eiser Jugend dovunner ofhänkt a soumat och ee Stéck vun eiser Zukunft.

Här President, erlaabt mer nach kuerz am Telegrammstil op déi nächst Etapp vum Renovatiounsprogramm anzugehen. Aus Sécherheetsgrënn soll de Schéissstand schnellstens deenen neiste Sécherheetsstandarden entsprechend an d'Rei gesat ginn.

Ech fannen et äusserst bedenklech, datt mer am Kader vun eiser Visite virun e puer Wochen de Schéissstand net konnte kucke goen, well et - esou gouf ons deemools jiddefalls gesot - ganz einfach ze geféierlech wär. Dat ka jo awer wierklech net sinn!

(Interruption)

Déi nei Logistikhall ass um gudden Wee. Si wäert d'Zentralisatioun vun de militäreschen Infrastrukturen um Site Härebierg erméiglechen.

» Une voix.- Dir sidd à tout moment wëllkomm, Här Etgen, um Schéissstand. À tout moment!

M. Fernand Etgen (DP).- Merci, Här Minister.

(Interruption)

» Une autre voix.- Mir ginn dohinner.

(Hilarité)

» M. Fernand Etgen (DP).- Eng zweckméisseg Sportshal ass opgrond vun de kierperlechen Ufuerderungen un eis Zaldoten am Kader vun hirem Training, awer och am Kader vun deene verschiddene Missiounen am Ausland en absolute Must.

(Brouhaha général)

An erëm engs Kéier aus Sécherheetsgrënn brauch eis Arméi och e fachgerechte Munitionsdépôt.

Ofschléissend wollt ech de Minister nach froen, ob déi geplangten nei Zoufahrsstrooss vum Rond-point Fridhaff, der N7, wéi de Kolleeg Ali Kaes géif soen, schonn de prinzipiellen Aval vum Ëmweltminister kritt huet, an a wéi engem Zäitraum mat der Realisatioun vun dëser Strooss ze rechnen ass, wëssend, datt den Zougank zum neien Hall logistique eréischt een Deel vun där neier Stroosseninfrastruktur ass.

Här President, an der Hoffnung, datt deene Punkten, déi ech a menger Interventioun ugefouert hunn, Rechnung gedroe gëtt, ginn ech am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Eisen Zaldoten, déi am Ausland opgrond vun hirem Asaz mat dozou bäidroen, datt mir eisen internationale Verplichtungen nokommen an datt och eist Land säi klenge Bäitrag an der internationaler Communautéit erfëllt, hunn en Usproch op modern funktionéierend an de Besoinë vun der Arméi entspriechend Kasären. Et ass héich Zäit, datt mir hinnen dëse Kader zur Verfügung stellen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Etgen Merci. Als nächste Riedner ass den Här Romain Schneider agedroen. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Här Etgen, très bien! Et ass soss keen do vun lech.

(Hilarité générale)

Dir waart ze spéit, Här Goerens. Är Stëmm ass méi haart wéi meng.

(Hilarité et interruptions)

» **M. le Président.** - Här Schneider, loosst lech net hei duerjernebréngen!

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Neen, ech huele meng Rou, fir dee Projet dann och hei ze begrëssen a selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deem ausféierleche Rapport mëndlecher- a schrëftlechersäits vum Rapporteur, wou ech him géif Merci soen an dee flotte Rapport begrëssen, deen en ofgeliwwert huet, wou eigentlech dat Meescht gesot ginn ass, op jidde Fall technescher Natur, wou ech also net nach eng Kéier muss ufänken als drëtte Riedner hei dat Ganzt opzezielen,...

» **Une voix.** - Très bien!

(Hilarité)

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - ...géif ech mech kuerz op dat Wichtigst beschränken.

Ech mengen, dëse Programme de rénovation vun den Infrastrukture vun der Caserne Grand-Duc Jean zu Dikrech um Härebiërg kënn zu richtegen Zäitpunkt, an dat, wat vun de Virriedner gesot ginn ass, nom Bau vun 1950 goufen zwar, et kann een net soen, keng Renovatiounen gemaach, et goufe punktuell a verschiddene Beräicher Renovatiounen gemaach, mä déi grouss Renovatioun, déi ustoung, den neie Lifting, dee kënn elo, an dat souzesoen an engem Fënnel-Punkte-Programm, wou den éischten de Mëtteg hei presentéiert gëtt mat engem Chiffer vun 18,7 Milliounen Euro, dat, wat also d'Mise à niveau vun den techneschen, primär techneschen Infrastrukture betrëfft.

Déi véier aner Projeten, déi hei opgezielt sinn, sinn déi, déi mussen nokommen an déi och schonn am Begrëff sinn ze kommen. Deen éischte Projet, deen déposéiert ass, ass dee vum Hall logistique. Duerno kommen nach d'Rehabilitatioun vum Schéissstand, wéi gesot, am Bleesdall; duerno d'Modernisatioun vun de Gebaier an de Bau vun der Sportshal, an dann awer och de Bau, wéi ugeschwat, vun engem neien Dépôt vun der Munitioun um Plateau Botterweck.

All déi Saache wäerten, an dovun sinn ech iwwerzeegt, och zügeg virугоen. Duerfir war et och gutt, datt mer net de Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen hunn a gesot hunn, elo fänke mer mat deem heite Projet un a mir déposéieren deen zweeten, fir och virunzekommen, datt net erëm eng ganz Rei Zäit d'Waasser d'Sauer erofleeft, ier mer kënnen domat ufänken.

(Interruption)

Déi fënnel Projekte sinn also effektiv e Ganzt, wat een als Ganzt och muss gesinn, an dat

wäert déi Verbesserunge mat sech bréngen, déi jiddweree vun eis sech erwaart. Déi, déi d'Méiglechkeet haten,... Ech hat leider d'Chance net, kënne bei der offizieller Visite derbäi ze sinn. Ech war awer scho souwuel virdrun a menger berufflecher Missioun wéi och privat ganz dacks um Härebiërg a konnt mech iwwerzeegen dovun, datt effektiv d'Konditiounen a puncto Logement, a puncto Sanitär, a puncto Openthaltsraim, a puncto Sportsraim an och a puncto Formationssall wierklech dréngend renovatiounsbedürftig sinn.

Duerfir ass dat och wierklech e Projet, dee schnellstméiglech soll an Ugrëff geholl ginn. Dat virun allem och, wa mer gesinn, an dat ass och gutt esou, datt iwwerall Werbung gemaach gëtt, fir déi Jonk fir eis Arméi ze interesséieren, fir si auszebilden, fir net nëmmen an der Arméi, mä och an anere Beruffer, déi konnex sinn zur Arméi, wierklech gutt auszebilden. Da musse mer och déi heite Konditiounen schafen, fir och wierklech dann déi Formatioun ze kréien, déi ausgebilt Leit ze kréien, mat deene Bedéngungen, déi mer sichen, a fir eben d'Arméi nach méi attraktiv ze maache fir eis Jugend dobaussen, fir d'Bevölkerung. Dëst also...

(Interruption)

Här Goerens, jo?

» **M. le Président.** - Erlaabt Der, Här Schneider, datt den Här Goerens lech eng Fro stellt?

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Selbstverständlech.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech wollt och soen, et ass besser, mir bilde selwer aus, wéi datt den Här Müntefering eis der muss schécken.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Bon, ech mengen, bis elo krute mer déi nach ëmmer selwer ausgebilt. Mir wäerte selbstverständlech och an där Richtung virufueren, an do ginn ech lech och ganz Recht, datt mer eis Zaldote wäerten ausbilden, awer och virun allem ausbilde fir déi aner Carriären, déi dorun hänken. Ech mengen, och dat ass virun allem dee wichtige Message, deen erauszeginn ass, an do wou mer jo och eng ganz Rei Leit brauchen, fir ze hëllefen. Dat anert ass u sech ëmmer eis Asatzmissiounen, fir déi mer eis Leit forméieren. Dësen éischten...

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Mir brauchen och net ze fäerten, well vun do un, dass mer d'Arméi hunn,...

(Interruption)

...ass kee preisesche Panzer...

» **M. le Président.** - Här Jaerling, wëllt Der dem Här Schneider eng Fro stellen?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech wollt just soen, mir brauchen net ze fäerten...

» **M. le Président.** - Da musst Der awer eng Fro stellen, Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Vun do un, dass mer eis Arméi hunn, ass kee preisesche Panzer méi iwwert d'Musel gefuer.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Här Schneider, fuert elo viru mat Ärer Interventioun!

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Ech kommen zu menge Konklusiounen, soss sinn ech ëmmer nach ze laang herno mat menger Ried. Ech wollt nach eng Kéier soen, datt mir fannen, datt effektiv de Schrëtt, fir de Renouveau vun der Caserne Grand-Duc Jean hei ze maachen, ee richtige Schrëtt ass. Mir begrëssen dat als LSAP, an duerfir géif ech och a mengem perséinlechen, mä och am Numm vun eiser Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem wichtigen an noutwendege Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Schneider Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wollt an e puer kuerze Wieder fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech wollt och direkt matdeelen, datt déi gréng Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen.

Mir denken a groussen Zich datselwecht wéi meng Virriedner, dat heescht, datt et eigentlech schued ass, datt et esou laang huet missen daueren, bis mer endlech hei ufänken, iwwer eng Restrukturéierung an eng Sanéierung zum Deel ze schwätze vun dem Härebiërg.

Mir hunn och festgestallt, datt doriwwer eraus och déi ganz einfach gängeg Maintenance net ëmmer stattfonnt huet déi lescht Joren, wann net Jorzéngten, douewen, an d'Fro stellt sech einfach, ob net vläicht déi Leit um Härebiërg net vun där richteger noutwenderger Lobby profitéiert hunn déi lescht Joren a Jorzéngten, fir datt vläicht souwuel d'Maintenance wéi och elo d'Erneuerung an déi Projeten, déi mer elo hei stëmmen, esou spéit komm sinn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci och der Madame Loschetter. An dann ass leschten agedroene Riedner den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, dem Rapporteur e grouse Merci, datt en ons dee wichtige Projet virgestallt huet, deen déi éischt Etapp duerstellt vu fënnel weideren Etappen, Investitiounsetappen an d'Infrastrukture vun der Lëtzebuerger Arméi.

Effektiv geet dee ganze Werdegang, déi ganz Problematik op d'Joren 1990 zrëck, wann ech dem Rapporteur säi Bericht noliesen. 2002 gouf e Bureau d'études chargéiert, fir d'Restauratiounsproblematik unzegoen, an deen huet dann dunne Rapport ofginn am Juli 2003.

Do hate mer all geduecht, datt déi Regierung, déi 2004 ugetratt ass, du géif déi Problematik ugoen an datt do eppes géif geschéien. Mä et ass eréischt Mëtt 2006, wou iergendeppes Klenges geschitt ass. Et kann een en fait elo frou sinn, datt dank der Kris dee Projet elo op eng Kéier eng Urgence kritt huet.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, ob vläicht net an der Vergaangenheet, an dat ass weinstens ons Meenung, déi falsch Prioritéite waren.

Well wou sinn d'Sue gestach gi vun der Arméi? An e Fliger - den A400M.

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Do sinn d'Suen aus der Reserv gaangen, anstatt se hei an d'Infrastrukturen ze stiechen.

Jiddwer Minister hält natierlech déi Prioritéiten, déi e fir richteg fënnt. Mir hunn ëmmer derfir plädéiert, datt ee sollt an d'Gebailechkeeten, an d'Renovatioun an an d'Sécherheet och vun den Infrastrukturen, vun de Ween an esou weider investéieren, an dat prioritär.

Dat gesot, si mer natierlech iwwert de Fong d'accord, datt et op dee Wee geet, well mer dat elo scho laang Jore gefrot hunn.

Ech wollt just un den Här Rapporteur respektiv un den Här Bauteminister eng Fro stellen, wat den Text selwer ugeet vun deem, wat mer elo stëmmen. Do gëtt gesot, datt déi 18,7 Milliounen Euro baséieren op dem Konstruktionspräis vum 1. Oktober 2007. Elo si mer am Abrëll 2009. Ech huelen also éischter un, datt et do eng Augmentatioun gëtt, déi zimlech konsequent misst si vun deem Präis, dee mer elo stëmmen.

Ech wonnere mech ëmmer, datt mer an de Projeten net en aktualiséierte Montant virgesinn op dee leschten, dee bekannt ass vun deenen Accords, vun deene Prix à la construction, well et nämlech interessant wier ze wëssen, wat dann dee Montant wier, deen effektiv elo zur Debatt an zum Vote steet, op den heitegen Dag, wann een dat kéint gewuer ginn.

Ech ginn zou, et ass vläicht eng technesch Fro. Duerfir sinn ech gäre bereet, dat dann an engem spéidere Courier vläicht gewuer ze ginn. Mä dat gesot nach eng Kéier ass d'ADR mat deem Projet d'accord, well et enger laangjähreger Fuerderung vun ons entgéintkënn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Henckes Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Mir hunn zwee Ministeren hei. Wie fir d'éischt? Den Här Bauteminister.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Villmools Merci. Ech soe selbstverständlech och dem Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. En huet, wéi üblech, alles geschriwwen, alles gesot, wat huet misse sinn.

Dat Zweet, dat ass, wat ech wollt soen, e puer Remarquen, déi hei gemaach gi sinn. Éischstens hunn den Här Henckes an den Här Etgen vun deenen Datume geschwat a vun der Durée vun deem Projet.

Ech muss soen, datt an deene leschte Jore vill un deem Projet hei geschafft ginn ass an datt een net ka soen, wéi d'ADR, datt dee Projet hei elo e Projet wär, deen entstane wär virun der Kris. Mir schaffen un dem Développement vun deem Projet säit ronn zwee Joer, fir en esou wäit an der Exekutioun ze kréien, wéi en elo ass.

Dir musst wëssen, datt deen a fënnel Etappe gemaach gëtt, datt mer haaptsächlech och déi ganz Embauung vun den techneschen Infrastrukturen... Datt et net e Projet ass, deen evident ass, fir dat op esou engem risege Site wéi dem Härebiërg ze maachen.

Et ass also kee Projet, deen aus der Kris entstanen ass. Et ass e Projet, deen entstanen ass aus der Aarbecht vun deene leschte Joren. Deen awer, muss ech soen, par rapport zum Audit vun 2002 wierklech geännert ass, aus deem ganz einfache Grond, well an Zwëschenzäit eng Arméireform geschitt ass. A well och aus där Arméireform eraus an och aus der Aart a Weis eraus, wéi d'Arméi am Alldeeglechen elo fonctionnéiert, viles anescht ass wéi virun der Reform. A selbstverständlech och, well mer deen heite Projet un d'Besoinen, déi heiteg Besoinë vun der heiteger Arméi ugepasst hunn.

A sech geet dat elo gutt zesummen, datt mer aus deenen zwou Reformen, Struktureform vun der Arméi plus Reform vun dem ganzen Härebiërg, kënnen eppes Gemeinsames fir déi nächst Jore maachen.

Ech wëll och nach op eng Remarque agoen, déi de Conseil d'Etat gemaach huet. Dat ass déi vun dem sougenanntene Saucissonnage. Ech hunn dat schonn an der Kommissioun erkläert. Mir maachen hei e Projet a fënnel Etappen. Fir mech ass dat logesch a sënnvoll a gëtt et keen anere Wee, wéi en esou ze maachen, wa mer ebe wëllen déi finanziell Volumen, déi hei um Spill stinn, och am Grapp behalen. Wa mer wëllen déi finanziell Envergure kënnen aschätzen, musse mer dat schéi propper Etapp pro Etapp maachen, musse mer dat duerchféieren, ee Projet, een Deel dovunner nom aneren. Dat erlaabt eis an enger finanzieller Garantie dat Ganzt ofzewéckelen.

Fir mech war et wichtig, datt d'Chamber an der éischter Etapp en Iwwerbléck iwwert de ganze Projet kéint kréien an enger zweeter Etapp dann déi detailléiert finanziell Envergure, wou ee jiddwer Etapp selbstverständlech matgedeelt kritt.

Den Här Etgen huet gefrot, dat misst elo alles schnell goen. Här Etgen, am vorauselenden Gehorsam, wéi dat bei der Arméi ëmmer ass, hu mer schonn e Gesetzesprojet déposéiert. An zwar déi zweet Etapp, déi läit schonn an der Chamber fir den Hall logistique a wäert och kënnen aviséiert ginn, ech denken elo net virun de Wahlen gestëmmt ginn, mä awer zumindest aviséiert ginn, esou datt se direkt prett ass fir gestëmmt ze ginn, dann, wann d'Chamber am Oktober erëm ufänkt.

Et war eng Fro gestallt ginn iwwert d'Strooss, wou mer do dru sinn. Dir wësst, datt d'Ubannung un d'N7, Här Kaes, dann nëmme ka geschéien, wann dat, wat mer de Contournement Nord vun Dikrech nennen, gebaut gëtt. Do musst Der wëssen, datt mer deen an de PST tel quel dragesat hunn. Datt dat also e Projet ass, deen am Kader vun deem Programm, deen an deenen nächste Jore soll gebaut ginn, och eng Kéier wäert op d'Lee kommen.

Dat ass den État vun der Prozedur fir déi do Strooss. Et ass net déi éischt Prioritéit, mä et ass eng vun deene Prioritéiten hannendrun.

An déi lescht Fro, déi gestallt ginn ass, dat war déi vum Präis. Här Henckes, Dir wësst, datt mer all Kéier bei all Gesetz déi do Diskussioun hunn, ob mer den Index dra stoe loosse vun där Zäit, wou den Dépôt gemaach gëtt, oder ob mer eng Adaptatioun maachen. De Conseil d'État freet dat all Kéier.

D'Kommissioun huet ee fir allemol viru véier Joer décidéiert, datt mer ëmmer deen Index

dra stoe loossen, deen deen Dag deen ass, wou den Dépôt gemaach gëtt, an net dauernd wiessele ginn, well dat iwwerhaupt kee Sënn huet.

Ech kann lech elo och haut net soen, wat de genaue Präis ass. Mä dee genaue Präis, dee kann ech lech awer innerhalb vun deenen nächsten dräi Minutte soen, wann ech den Index, deen haut valabel ass, gesot kréien. Mä dat kënnt Der awer och innerhalb vu fënnf Sekonnen op der Rechemaschinn ausrechnen. Dat ass kee Geheimnis fir dat erauszefannen. Mä ech kann lech en awer offiziell matdeelen op den heitegen Index émgerechent.

Mä ech mengen, déi Aart a Weis, déi mer hei gemeinsam fonnt hunn, ass eng transparent Aart a Weis fir mam Präis ëmzegoen an erlaabt eis och iwwer e Bau, deen iwwer Joren dauert, och vun der Evolutioun vun de Präisser Rechnung ze droen.

Dat waren déi puer Wieder, déi ech wollt soen.

Ech soen all deenen, déi de Projet hei ënnerstëtzen, villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung.

» M. le Président.- Merci dem Baute-minister. An dann nach den Arméiminister.

» M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Défense*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dräi Serië vu ganz kuerz Remarquë maachen, net ouni dem Rapporteur an de Virriedner Merci gesot ze hu fir déi ganz komplett Explikatiounen.

Éischstens complétiert dee Projet hei de Reformexercice, wat d'Arméi ubelaangt, aus dëser Legislatur, andeem et déi éischt Phas duerstellt vun der leschter Etapp vun där Reform. D'Virriedner sinn all op déi nächst Etappen agaangen, wat d'Konstruktioun an d'Renovatioun ubelaangt. De Minister Wiseler huet zu Recht gesot, datt deen

zweeten Deel och scho praktesch fäerdeg ass. Déi aner Deeler vun der Reform sinn och ugeschwat ginn hei, nämlech dat grousst Gesetz aus dem Dezember 2007, wou mer d'Manéier, wéi mer d'Missioun wouerhuelen, nei gewichten a wou mer den Akzent op d'Rekonversioun setzen.

Zweetens dat anert Gesetz aus dem Dezember 2007 iwwert d'Acquisitiounen an dat Gesetz, dat mer virun e puer Wochen hei gestëmmt hunn, iwwert dat, wat d'Gewerkschaften ëmmer d'Iwwerstonneproblematik genannt hunn a wat d'Regierung ëmmer genannt huet d'Récupératiounen an d'Kompensatiounen.

Dat ass also e Ganzt. An ech sinn dann och dankbar, datt dee Projet hei nach kann an dëser Legislatur gestëmmt ginn.

Zweet Serie vu Remarquen. Dat sinn dräi ganz kuerzer. Dem Här Kaes wollt ech soen, datt, vu datt mer keng Munitioun verbëtzzen, keng Freedessalve ofgeschoss wäert ginn um Härebierg den Owend.

Dem Här Etgen wollt ech nach eng kéier soen, datt e souwuel de Schéissstand wéi den Dépôt de munitions an all aner Installatioun vun der Arméi op simple demande ka visitéiere kommen.

Den Här Henckes huet mech haut e bëssen enttäuscht, well en nämlech net gesot huet, datt hien eigentlech fir den Antonov ass an net fir den A400M. Je suis un peu resté sur ma faim dës kéier, Här Henckes. Normalerweise hutt Der eis hei ëmmer d'Méritë vum Antonov gelueft.

Mä, Här Henckes, mä, Här Henckes...

» M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Dir wësst dat nach ëmmer, dofir brauch ech un dat net méi ze erënnere.

» M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Défense*.- Här Henckes, och wann dat Ganzt e laangfristegen Effort ass, deen een net vun engem Dag op deen anere mécht, an déi Projeten hei brauchen eben Zäit, da wollt ech lech awer soen, datt, wann Der sot, datt dat sech accélériert huet am Ufank vum Joer 2006, da kann ech lech jo do net Onrecht ginn. Wéi Der wësst, sinn ech am Februar 2006 Défenseminister ginn.

(Interruption)

Ofschléissend, lescht Remarque, wollt ech Merci soe fir deen ökumeneschen Appui un d'Arméi hei an der Chamber. Ech mengen, dee Projet hei konnt och zustane kommen nëmmen duerch déi exzellent Zesummenaarbecht mam Baute-minister. De President vun der aussepolitischer Kommissioun huet mat Recht virun zwou Wochen um Härebierg drop higewisen, datt mer Schratt fir Schratt an Hand an Hand hei geschafft hunn, fir all déi Aspekter vun där Reform op de Wee ze bréngen an och zum Ofschloss ze bréngen.

Här President vun der Kommissioun, ech hunn de Moie bei der Promesse, wou Der leider weinst aneren Obligatiounen net konnt derbäi sinn, vu menger Säit aus och gesot, datt d'Regierung dat géif deelen, wat Der um Härebierg gesot hutt, a sech och géif félicitéieren iwwert déi exzellent Zesummenaarbecht, déi mer hate wat déi Reform ubelaangt an déi och gemaach huet, datt mer konnte vun Ufank 2006 bis elo awer trotzdeem all déi essenziell Aspekter op den Instanzewee schécken an déi meescht dovunner och ëmsetzen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Ech soen dann och dem Arméiminister Merci. Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5952.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration.

De Projet de loi 5952 ass ugeholl gi mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Norbert Haupt), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Fabienne Gaul), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Thiel), Marco Schank

(par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz (par M. Raymond Weydert), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Négri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Négri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesinn den 28., 29. an den 30. Abrëll. Den Ordre du jour gëtt lech schréftlech zoukomme gelooss. Ech wollt lech och nach drop hiweisen, datt d'Presidentekonferenz de Moien décidéiert huet, datt d'Chamber eng Woch méi laang wäert tagen, esou datt déi lescht Sitzunge vun dëser Legislatur den 12., 13. a 14. Mee wäerte sinn. Merci.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.50 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.



- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

www.chd.lu